PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28/04/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Finanzen & Kooperatioun weiderzeleeden.**

Cartias, Fairtrade Lëtzebuerg an de Kooperatiounsministère hunn d'lescht Woch nach eemol d'Campagne "Rethink your clothes" lancéiert. D'Zil vun dëser Campagne ass et, fir d'Leit ze motivéieren méi sozialen an ëmweltfrëndleche Kleeder ze kafen . Esou soll géint Zwangs- a Kanneraarbecht an den Textilfabricke virgaange ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. D'Post huet als staatlech Institutioun hei een éischte Wichtege Schrëtt gemaach a stellt sengen Aarbechter säit dem leschtem Joer, Jacketten aus Fairtrade Hierstellung ze Verfügung.

   Wou stinn aner Staatlech Institutioune beim Thema Nohalteg Kleedung?

2. Huet d'Regierung schonn an aner Domainer (wéi zum Beispill Police, Arméi, Douane, Waasser- a Forstverwaltung ect.) Fairtrade zertifiéiert Kleedung bestallt?
   - Falls jo, wéi vill Fairtrade zertifiéiert Kleedungsstécker goufe säit 2018 vun der Regierung bestallt?
   - Falls nee, denkt d'Regierung net dass een als Partner an der "Rethink your Clothes" Camapgne net mam gudde Beispill misst virgoen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député